



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 05 MAI 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°4012 du 1^{er} avril 2021 des honorables députés Monsieur Paul Galles, Madame Françoise Hetto-Gaasch et Monsieur Marc Lies, concernant les logements de service inoccupés, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Här Henri Kox, Minister fir bänzeg Secherheet, a vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister, op d'parlamentaresch Fro n°4012 vum 2. Abrëll 2021 vun den honorabelen Deputéierten Paul Galles, Françoise Hetto-Gaasch an Marc Lies zum Sujet „Logements de service inoccupés et café-restaurant Waldhaff“

Am Moment lafen Diskussiounen tëschent de Gemengeresponsabelen an dem Logementsministär iwwert en néien Aménagementsplang (PAP) fir der décidéierter Revalorisatioun an méi dichter Bebauung vum Site zu Colmar-Bierg, Rechnung ze droen.

Weider ass ze bemierken datt 185 vun den alen Déngschtwunnengen vun der Police der *Agence Immobilière Sociale* zur Verfügung gestallt ginn sinn. Eng weider 20 Logementer goufen vum *Office National de l'Accueil* (ONA) un d'*Agence Immobilière Sociale* ofginn. Och den Service LISKO (Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsionszenter) vun der *Croix Rouge Luxembourgeoise* huet Wunnengen an deem Kontext zur Verfügung gestallt kritt.

Verschidden Siten op deenen méi wei eng Déngschtwunneng vun der Police stoungen, goufen sélectionéiert fir nei Projeten drop ze realiséieren:

- Zu Wolz gëtt esou ee neit Bürogebai geplangt.
- Zu Esch/Alzette gëtt een Projet vum Éducatiounsministère realiséiert. Aktuell ass do och nach eng Wunneng vun der Police besat.
- Zu Fréiseng gëtt een Deel Wunnengsbau vum Fonds du Logement realiséiert. Donieft entstinn och nach Strukturen fir den ONA.
- Zu Beetebuerg gëtt een Projet realiséiert fir soziale Wunnengsbau. Diskussiounen mat der Gemeng lafen an dem Kontext nach.
- Zu Waasserbëlleg sinn schonn Strukturen fir den ONA entstan.

Et ginn Haiser vum Staat déi aktuell aus Sécherheet- an Plangungsgrënn nët direkt besat oder réaffaktéiert kënnen ginn, fir déi awer weider un Léisungen geschafft gëtt.

D'Négociatiounen iwwert den Café-Restaurant um Waldhaff an d'Aktivitéiten déi do méiglech sinn, lafen aktuell nach.